



N° 6280  
Reçue le 01.06.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 01.06.2022

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/06/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

Mat der parlamentarescher Fro n°6200 wollt ech mech iwwert d'Unzuel vun de Protokoller renseignéieren, déi an de leschte 6 Méint u Vëlofuerer ausgestallt goufen. Gläichzäiteg wollt ech mech och doriwwe renseignéieren, wéi vill Automobiliste géint den Artikel 125.08 (<1,5m beim Iwwerhuele vu Vëloen) vum Code de la Route verstouss hunn. Goufen an där Zäit 47 gebühreplchteg Verwarnungen u Vëlofuerer ausgestallt, sou gouf am nämmelechten Zäitraum keen eenzeg Automobilist wéinst enger Infraktioun vum genannte Artikel penaliséiert.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Protokoller goufen an de leschte 6 Méint un Automobilisten ausgestallt, well se fir eng Infraktioun vis-à-vis vun engem Vëlofuerer verantwortlech waren?
  - Wei vill Protokoller goufen an de leschte 6 Meint insgesamt un Automobilisten ausgestallt?
2. Em wéi eng Infraktiounen huet et sech dobäi gehandelt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

